N°3345
Entrée le 15.12.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 16.12.2025

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 12. Dezember 2025

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an den Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit weiderzeleeden.

Rezent huet den EVP-Fraktiounschef am Europaparlament, Manfred Weber, ugekënnegt, d'EU-Kommissioun géif dat sougenanntent „Verbrenner-Aus" ab 2035 substantiell ëmänneren. Amplaz vun engem Zil vun 100 Prozent Reduktioun vum $CO_2$-Ausstouss bei neien Immatrikulatioune sollen Autoshiersteller nëmmen nach eng Reduktioun vun 90 Prozent bei hirer Flott ustriewen. Och fir 2040 soll et keen 100-Prozent-Zil méi ginn. Dëst géif dozou féieren, datt och no 2035 nei Gefierer mat Verbrennungsmotor kënnen op de Marché kommen, soubal d'Autosflott vun engem Hiersteller als Ganzt déi nei $CO_2$-Ziler respektéiert.

An hirer Äntwert op déi parlamentaresch Fro n°2459, hunn d'Madamm Ministesch an den Här Minister sech follgendermoossen zum „Verbrenner-Aus" geäussert: „ (...) *Dofir geet et beim geplangten Enn vun den thermesche Motoren net ëm Ideologie, mee ëm eng néideg, wëssenschaftlech begrënnten Decisioun am Déngscht vum Klima an eiser Gesellschaft. Mir wäerten dofir och weiderhin déi Engagementer ënnerstëtzen, déi um europäeschen Niveau geholl goufen. Mir lauschteren natierlech och op d'Erwaardunge vun de Bierger*innen an den Acteuren um Marché.*"

An deem Kontext géinge mir follgend Froe stellen:

- Wéi bewäert d'Regierung déi annoncéiert Intentioun vun der EU-Kommissioun fir d'Verbrenner-Aus ab 2035 falen ze loossen an amplaz vun engem 100-Prozent-Zil nëmmen nach eng 90-Prozent-Reduktioun vum $CO_2$-Aus fir nei Gefierer virzegesinn?
- Wäert sech d'Regierung trotz dëse geplangten Ännerunge vun der EU Kommissioun am EU Conseil weiderhi fir en de-facto-Verbrenner-Aus asetzen?
- Wéi schätzt d'Regierung d'Risike vun enger weiderer Onkloerheet fir d'Planungssécherheet vun de Konsumenten, vun de Betriber an der Automobil- an Zouliwwererindustrie, mä och fir d'Planung vun der nationaler Mobilitéitsinfrastruktur an, a wéi wëll si dës Onkloerheet am nationale Kader kompenséieren?


Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg
Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu
lsap.lu

- Am Fall wou de Verbrenner-Aus net wéi ursprénglech geplangt ëmgesat gëtt, gesäit d'Regierung een Upassungsbedarf bei nationale Klima- a Mobilitéitspoliticken? Wa jo, wéi eng konkret Piste gi momentan analyséiert?
- Wéi eng Auswierkungen hätt déi eventuell Ännerung vum „Verbrenner-Aus" op d'Ziler an d'Moossnamen déi am nationalen Energie- a Klimaplang (PNEC) virgesi sinn, a gesäit d'Regierung an deem Kontext de Besoin, dëse Plang unzepassen?

Mat déiwem Respekt

Mars di Bartolomeo
Deputéierten

Franz Fayot
Deputéierten



Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu